**Här Fernand Etgen**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 14. Oktober 2019**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
14 OCT. 2019
1331

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert de Contournement Alzeng/Hesper un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute weiderzeginn.

Am Kader vum Contournement Alzeng/Hesper gëtt eng néi Variant analyséiert. An der Äntwert op parlamentaresch Fro No 1075 vum 19. August 2019 präziséiert den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten datt no villen Etüden iwwert déi lescht Joer a Bezuch op de « Contournement Hesperange/Alzingen » nach eng zousätzlech Etüd iwwert d'Faisabilitéit vun engem Tunnel géif gemaach ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister riichten.

- Soll dës Etüd just iwwert d'Längt vum Natura 2000 Gebitt gemaach ginn oder soll op der ganzer Längt aus dem Fuertwée / Réiserbann bis op den Howald an ZAC analyséiert gi fir dësen Tunnel ze bauen?

- Wat wier den approximative Käschtënennerscheed tëscht engem Tunnel an enger iwwerierdescher Variant?

- Wéi vill Zäit huelen dës Etüden an Usproch?

- Wéini kéint een definitive Projet an der Chamber deposéiert ginn ?

- Ab wann kéint dës Variant mam Tunnel gebaut ginn a wie laang géif de Bau daueren?

De Käerjenger Contournement féiert och duerch een Natura 2000 Gebitt.

- Wat ass den Ennerscheed tëscht dem Natura 2000 Gebitt zu Käerjeng an deem zu Hesper?

Virun der Summervakanz huet de Minister kommunizéiert datt e Passage fir Foussgänger längs vum CR231 (Cactus Houwald – Auchan/Ban de Gasperich) bis Enn vum Joer ëmgesat wier. Et ass eng extrem geféierlech Situatioun fir de Foussgänger. Lo an den däischtere Méint vum Joer gëtt dës Situatioun nach méi geféierlech.

- Kann den Här Minister matdeele bis wéini datt dëse Passage/Passerelle fir d'Foussgänger a Vëlosfuerer fäerdeggestallt ass?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Marc Lies**

**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 19 novembre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 NOV. 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N° 1331 du 14 octobre 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Lies, concernant le projet de contournement d'Hesperange, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Madamm Carole Dieschbourg, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, op déi parlamentaresch Fro n° 1331 vum 14. Oktober 2019 vum Här Deputéierte Marc Lies**

**Soll dës Etüd just iwwert d'Längt vum Natura 2000 Gebitt gemaach ginn oder soll op der ganzer Längt aus dem Fuertwée / Réiserbann bis op den Howald an ZAC analyséiert gi fir dësen Tunnel ze bauen?**

D'Iddee vun engem Tunnel war entstane fir den Impakt ob d'Natura 2000 Gebitt ze minimiséieren oder esouguer ganz ze verhënneren. Well dësen Tunnel als traditionnelle biergmänneschen Tunnel konzipéiert gëtt, ass den Tracé dovun net méi un déi bis elo studéiert Variant gebonnen, esouwuel am Situatiounsplang ewéi och am Längsprofil. Ausserhalb vun der Natura 2000 Zon ass et an dësem Sënn net zwéngend noutwenneg an engem Tunnel weiderzefueren. D'Dispositiounen an deene Beräicher wäerten aus den Etüden ënner Berücksichtegung vun eventuelle Biotopen op der Plaz hiergeleet ginn, wouropshin dann eng optional Léisung kann définéiert ginn.

***Wat wier den approximative Käschtenënnerscheed tëscht engem Tunnel an enger iwwerierdescher Variant?***

Aktuell ass et net méiglech, d'Käschte vun den eenzelne Varianten ze vergläichen. Natierlech gëtt eng Tunnelvariant etleches méi deier ewéi eng iwwerierdesch Léisung mee de Verglach kann evidenterweis eréischt gemaach ginn, wann d'Varianten op engem vergläichbaren Niveau studéiert sinn.

***Wéi vill Zäit huelen dës Etüden an Usproch?***

D'Etüde fir eng Tunnelvariant kéinten am Hierscht 2020 ob dem gefuerderten Niveau sinn, virausgesat datt näischt dertëschent kënnt.

***Wéini kéint een definitive Projet an der Chamber deposéiert ginn?***

Den definitive Projet kann an der Chamber deposéiert gi wann d'Etüden op den Niveau vum „Avant-projet détaillé" ausgeschafft sinn. Et hängt an dësem Fall vun den Ëmweltprozeduren of, an zwar folgendermoossen:

D'Consultatioun vum Public am Kader vun der EIE-Prozedur geschitt op Basis vu verschiddene Varianten am Detailgrad vun engem „Avant-projet sommaire". Duerno hält de Regierungsrot eng Variant fest déi dann als „Avant-projet détaillé" weider studéiert gëtt, wourop dann och den Devis baséiert. Op Basis vun deem Devis gëtt d'Finanzéierungsgesetz fir d'Chamber ausgeschafft.

Opgrond vum aktuelle Stand vun den Etüde vun all de Varianten ka mat deem Gesetzesprojet net virun Enn 2020 gerechent ginn.

***Ab wann kéint dës Variant mam Tunnel gebaut ginn a wéi laang géif de Bau daueren?***

Momentan ass just ze soen datt all Variant eréischt da gebaut ka ginn, wann d'Finanzéierungsgesetz gestëmmt ass an déi noutwendeg Autorisatioune virleien. Ausserdeem mussen och d'Emprisë kaf sinn respektiv entspriechend Accorde mat de Propriétairë fonnt sinn. Eréischt da kann de Projet realiséiert ginn. Wat d'Bauzäit vun der Tunnelvariant ubelaangt, kënne momentan keng Aussoe gemaach ginn esoulaang ewéi d'Etüden dëse Volet net ëmfaassen.

***Wat ass den Ennerscheed tëscht dem Natura 2000 Gebitt zu Käerjeng an deem zu Hesper?***

Den Ënnerscheed zwëschent de Projete Contournement Käerjeng a Contournement Alzeng respektiv de jeweilegen Natura 2000 Zone besteet an der geografescher Situatioun vun de Stroosse-Projete par Rapport zu de Schutzgebidder, an och an den Ufuerderungen aus den direkt ugrenzenden Zonen.

D'Natura 2000 Gebitt zu Käerjeng „Sanem - Groussebesch / Schouweiler - Bitchenheck" ass een Element vun der Transpositioun vun der europäescher Direktiv „Habitats" 92/43/CEE.
D'Natura 2000 Gebitt zu Hesper gehéiert zum europäesche Vulleschutzgebitt „Vallée supérieure de l'Alzette", wat een Element vun der Transpositioun vun der europäescher Direktiv „Oiseaux" 79/409/CEE (kodifiéiert duerch 2009/149/CE) ass.
D'Gebidder ënnerscheede sech um Niveau vun de Schutzziler. Dës sinn an de respektive groussherzogleche Reglementer definéiert:

- Règlement grand-ducal du 6 novembre 2009 portant désignation des zones spéciales de conservation – A220, du 17 novembre 2009
http://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-memorial-2009-220-fr-pdf.pdf
- Règlement grand-ducal du 30 novembre 2012 portant désignation des zones de protection spéciale – A258, du 30 novembre 2012
http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2012/11/30/n10/jo

Weider Charakteristiken stinn an de respektive Standard-Informatiounsblieder:
- Sanem - Groussebesch / Schouweiler – Bitchenheck:
https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/natura2000/Site_LU0001027.pdf
- Vallée supérieure de l'Alzette:
https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/natura2000/Site_LU0002007.pdf

***„Virun der Summervakanz huet de Minister kommunizéiert datt e Passage fir Foussgänger längs vum CR231 (Cactus Houwald - Auchan/Ban de Gasperich) bis Enn vum***

***Joer ëmgesat wier. Et ass eng extrem geféierlech Situatioun fir de Foussgänger. Lo an den däischtere Méint vum Joer gëtt dës Situatioun nach méi geféierlech."***

***Kann den Här Minister matdeele bis wéini datt dëse Passage/Passerelle fir d'Foussgänger a Vëlosfuerer fäerdeggestallt ass?***

De Chantier fir d'Piste mixte fir Foussgänger a Vëlosfuerer, fir dee 60 Schaffdeeg ugesat sinn, kann direkt ugefaange ginn esoubal ewéi déi néideg Approbatiounen an Autorisatioune virleien. Déi néideg Elementer vun der provisorescher Bréck gin dëser Deeg geliwwert.